Veloclub
La Pédale 07
Schifflange

Adresse postale:
LP07 Schifflange
Centre associatif « am Rit »
24, rue Denis Netgen
L-3858 Schifflange

Affilié à la FSCL

LP 07 Schifflange – Association sans but lucratif - Numéro RCSL « F456 »


Schifflange , le 25 novembre 2025

Gudde Moie léif  Vëlosfrëndinnen a Vëlosfrënn,

Wéi dir jo wësst, ass e Sonnden, den 30.11.2025 eisen CX zu Schëffleng am Biergemer Wee.

Dozou 2 wichteg Saachen:

**1.** Mir missten aus organisatoresche Grënn, d`Streck kuerzfristeg minimal änneren. D´Streck geet elo net riets em de Skatepark, mee lenks erëm (roud aal Streck, greng néi Streck). D`Pottoen si säit leschte Samsden ageschloen a Bännercher beim Skatepark sinn och scho gezunn. Dir kennt also gäre kucken a trainéiere kommen.



Veloclub
La Pédale 07
Schifflange

Adresse postale:
LP07 Schifflange
Centre associatif « am Rit »
24, rue Denis Netgen
L-3858 Schifflange

Affilié à la FSCL

LP 07 Schifflange – Association sans but lucratif - Numéro RCSL « F456 »

2. An dem Dag ass vill lass zu Schëffleng. D´Situatioun ass op em Parking vun der Hall Polyvalente follgend (vill Text, awer weg liesen). Mir kruten um Parking vun der Hall Polyvalente:

- eng Sträif fir eis Course reservéiert (grengen Krees, op em Parking direkt riets)
- bei x Parkplazen heescht et: "First come, first served"
- x Parkplazen op dem Parking si fir eng aner Manifestatioun reservéiert (och mat Parkverbuetsschëlder)

Haalt iech weg un di Beschëlderung, mir hunn nächst Joer Championnat bei eis a wellen och d´nächst Joren nach en CX an aner Coursen organiséieren. Dowéinst ass et fir eis als Club iwwerliewenswichteg, dat mir och weiderhi ganz gutt mat eiser Gemeng eens ginn. Virun allem di, di bal de ganzen Dag wäerten do bleiwen, Parkt weg just op dem Sträifen de vir eis virgesinn ass oder an der **Cité Op Soltgen**. Di di just fir Minimes a Cadets kommen, a virun 14 Auer erëm fort sinn, kennen och ouni Problem op deene Parkplazen ouni Parkverbuet parken.

WICHTEG: All di, di op enger Parkplaz parken, di fir eis reservéiert ass (Parkverbuetsschëld wou drop steet, ausser fir Leit vun eiser Course), kréie bei der Inscriptioun e Parkticket vun eis, dat leet dir da weg gutt Sichtbar hannert viischt Fënster. Dat Parkticket zielt JUST fir de Beräich wou kloer gekennzeechent ass, dat de Parking fir eis Course reservéiert ass.




Mir freeën eis op iech an hoffen op e flotte gemeinsamen Dag.